LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Le Ministre aux Relations avec le Parlement SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION	
Reg.:	SCL:
Entré le: 25 SEP. 2015	
CE:	CHD.
A traiter par:	
Copie à:	

Luxembourg, le 24 septembre 2015

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
25 SEP. 2015

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune du Ministre des Affaires étrangères et européennes, du Ministre de l'Economie et de la Secrétaire d'Etat à l'Economie à la question parlementaire n° 1411 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean ASSELBORN

Réponse commune du Ministre des Affaires étrangères et européennes, du Ministre de l'Economie et de la Secrétaire d'Etat à l'Economie à la question parlementaire n° 1411 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser

Huet d'Regierung Informatiounen iwwer Boykott-Décisioune vu lëtzebuergeschen Entreprisë géint Produiten aus Israel oder dem West-Jordan-Land? Wa jo, wéi eng? Ass d 'Regierung an där Fro a Kontakt mat den israeleschen Autoritéiten?

Privat Entreprisen huelen hier Décisiounen onofhängeg, ouni d'Regierung dovunner ze informéieren. Laut Informatiounen aus der nationaler an internationaler Press, ginn et Décisioune vu lëtzebuergeschen Entreprisë fir Produiten aus Israel aus hirem Sortiment ze huelen. Et géif sech dobäi allerdéngs ëm temporaire Mesuren handelen, bis datt sécher gestallt ass, datt déi concernéiert Produiten net aus deenen säit 1967 vun Israel besatenen Territoire kommen. Doriwwer eraus muss allerdéngs kloer gestallt ginn, datt dës Décisioune vun Entreprisen, op déi d'Regierung keen Afloss huet, net mat engem generelle Boykott vun allen israeleschen Produiten ze assimiléiere sinn.

Bei der rezenter Visite vum Ausseminister an Israel ass d'Problematik vum korrekten Etiquettage vu Produiten aus de Kolonien och thematiséiert ginn. Dobäi ass awer vum Ausseminister ënnerstrach ginn, datt d'lëtzebuerger Regierung géint all Form vu Boykott vun israelesché Produiten ass. D'Regierung deelt allerdéngs net déi israelesch Meenung, datt e korrekten Etiquettage vu Produiten aus de Kolonien mat engem Boykott gläich ze setze wier.

Wéi stellt sech d'Regierung zu Boykott-Moossname vu privaten Entreprisen, déi Produiten aus Israël, respektiv aus dem West-Jordan-Land betreffen?

Onofhängeg dovunner datt déi concernéiert Moossnamen am virleiendé Fall vu privaten Entreprisen, op déi d'Regierung keng direkt Handhab huet, geholl goufen, wëllt d'Regierung fir d'éischt mol ënnersträichen, datt si Boykott-Moossname géint israelesch Produkter absolut net ënnerstëtzt. Weder d'Europäesch Unioun nach Lëtzebuerg hunn d'Politik géigeniwwer Israël geännert an et kann een dowéinst och net vun engem Boykott schwätzen. D'Regierung huet dës weideren och net d'Intentioun fir Reglementatiounen anzeféieren oder ze ënnerstëtzen, déi engem Boykott géife gläich kommen.

Op der anerer Säit muss een awer dem Fait Rechnung droen, datt israelesch Kolonien op Territoiren ausserhalb vun den israelesche Grenze vu virun 1967 géint d'internationaalt Recht verstoussen[1]. Et kann och an deem Kontext drun erënnert ginn, datt den europäesche Geriichtshaff décidéiert huet, datt den Associatiouns-Accord tëschent der EU an Israel net op Produiten aus dem West-Jordan-Land applizéiert ka ginn[2].

Aus deenen Ursaachen huet den Ausseministère am Juli 2014 och eng Warnung publizéiert déi d' lëtzebuergesch Entreprisen iwwert déi ökonomesch a juristesch Risiken bei wirtschaftlechen Aktivitéite mat de Kolonien informéiert. An deem selwechte Kontext muss een dann och Moossname gesinn, déi eng Différentiatioun en fonctioun vun der Origine vun de Produitë virhuelen, je nodeems ob

[1] Internationale Geriichtshaff, Avis vum 9. Juli 2004, *Legal Consequences of the construction of the wall*, Punkt 120
[2] Europäesche Geriichtshaff, Urteel *Brita GmbH* vum 25. Februar 2010, C-386/08, Punkt 53

déi Produiten hier Origine um Territoire vun Israel an de Grenzen vu virun 1967 hunn, oder awer ob se an de Kolonië produzéiert goufen, déi vëlkerrechtlech net dem Territoire vun Israel kënnen ugerechent ginn. Schonns am Mee an Dezember 2012 huet de Conseil vun den EU-Ausseministeren am Zesummenhang mat de Produiten aus de Kolonien eng korrekt a komplett Applicatioun vum bestoenden europäesche Recht gefrot. Fir deem Rechnung ze droen, géif d'Regierung och begréissen, wann d'EU-Kommissioun *Guidelines* géif publizéieren fir d'Ëmsetzung vun engem korrekten Etiquettage vu Produiten aus de Kolonien ze erméiglechen, dat och am Interêt vun der Verbesserung vum Fonctionnement vum europäesche Bannemaart. D'Publikatioun vun sou *Guidelines* géif dozou bäidroen, eng besser Applicatioun vum bestoenden europäeschen an internationale Recht ze garantéieren. Doriwwer eraus géif sou eng Moossnam och dem Consommateur eng korrekt Informatioun iwwert d'Origine vum concernéierte Produkt ginn.

Ass d'Regierung sech bewosst, datt esou anti-israelesch Moossname bei villen vun eisen Haapthandelspartner extrem negativ Konsequenzen op den Image vun eisem Land hunn?

Wei schonns an der Äntwert op d'Fro 2 duergeluecht, si Moossnamen, déi doropper ofzilen, fir eng Différentiatioun tëschent Produkter aus Israel an deenen aus den 1967 besatene Gebidder op kee Fall als *„anti-israelesch"* Moossnamen ze verstoen. Déi bilateral ökonomesch Relatiounen tëschent Lëtzebuerg an Israel sinn exzellent, wat och nach eng Kéier op der rezenter Visite vum Ausseminister an Israel konfirméiert ginn ass. Doriwwer eraus ass nach eng Kéier ze ënnersträichen, datt d'Regierung keng direkt Handhab op Decisiounë vun Entreprisen betreffend hire Fournisseuren huet. Schlussendlech ass d'Regierung dovunner iwwerzeegt, datt Moossnamen, déi konform zum internationalen an europäesche Recht sinn, *a priori* keng negativ Konsequenzen op den Image vun eisem Land dierften hunn.